

Coimbra läit just hannert der Rocade



Dës Säit an déi Säit
vum „Boulevard urbain“

Jessica! Jessica! Anda! Et ass owes, e wodelechen Hierschtowend. D'Sonn huet de ganzen Dag nach fir Wiermt gesuergt, awer si steet dëser Deeg schonn déif um Himmel. Hir Strahle kommen net méi bis an de Kellerhaff vun der Residenz aus de Fofzegejoren, op deem seng hënnescht Face ech ka kucken.

Et ass en Eckhaus, an et huet zwee Fligelen, déi dee klengen Haff ëmäermelen. Vun deene fënnef Stäck gi Balconen no hannenaus. Obwuel d'Haus op der Rocade läit, brauchen d'Elteren sech also keng Suergen ze man, wann hir Kanner do-bausse spillen. Si kënnen vun engem Balkon quiersch eriwwer zum aneren eng Kosettchen halen an heiansdo e Bléck an den Haff ënnen geheien.

Jessica! Eng Mamm rífft vun engem Balkon erof. Et gétt schonn däischter, awer d'Kanner am Haff dinn nach Kreesch, et geet op Lëtzebuergesch, Franséisch a Portugisesch. Et héiert een e Ball opschloen. D'Spill ass nach net fäerdeg. Ech gesinn d'Kanner ni, ech héieren se just.



Guy Hoffmann



Agesiessener a Frontalieren

Virun e puer Joer haten se d'Strooss opgerappt. Während Éiwegkeeten wor alles blockéiert, d'Strooss wor gespaart an alles loung voller Réier a Baumaterial. Op eemol huet ee gesinn, wéi vill Kanner a menger Strooss wunnen: Owes, wann d'Aarbechter fort woren, hu si sech den Terrain zréckeruewert an et ass Stoppches op där improviséierter Abenteuerspillplaz gespillt ginn. Di zwee indesch Meedercher, d'Bouwen vun der kapverdianescher Famill vis-à-vis, meng portugisesch Noperen, der jugoslawescher Famill hir zwee Grouss, all woren se op ee mol dobaussen an hunn op der Strooss gespillt. Matzen an der Stad.

Lo ass dat nees eriwwer, d'Strooss gehéiert nees de Autoen. Trotzdem ass et net ze iwwersinn: Deen Eck, wou ech wunnen, ass e Melting Pot vu Kulturen. Leit aus aller Häre Länner wunnen hei. Et gëtt afrikanesch Butteker, eng griichesch Tavern, en thailännesche Café. Énnen of ass eng portugisesch Bäckerei, wou ech heiansdo däers séisse Maisbrou, Broa, siche ginn, oder Bréidercher mat Chourizou gefëllt,

oder Pastéis de Nata, där klenger Bliederdeeg- Kichelcher mat Eeërflan. An der Bäckerei kann een och e Kaffi drénken, sou wéi et fréier scho mol zu Lëtzebuerg Moud wor. An all Quartier haten d'Pâtisseries hire Salon de Consommation. Mee dat wor kee richtege Succès: Wann een op sech gehal huet, ass een an d'Stad Kaffi drénke gaang, bei den Namur oder soss anzwousch. Abee, hei um Eck funktionéiert et, et sinn ëmmer e puer Dëscher besat: Hausfraen treffe sech hei fir eng Paus an ziele sech de leschten Traatsch, Leit mat Kanner, deen een oder anere Beamten.

A mengem Quartier ginn et also Leit vun allen Zorten. Wat stëmmt, dat ass, datt di lescht Bomen a Bopen vum ale Schlag een nom aneren aus eiser Strooss verschwannen. Et ass awer net sou, wéi wa mer keng Lëtzebuurger hätten, si si just souzosen Frontalieren. Oft laatsche Jonker mat Gittarskëschte oder Sportsposche laanscht meng Dier, stinn um Busarrët oder gi vun hiren Elteren hei ofgesat. Si ginn op de Verluerekaschter Stadion trainéieren, oder an

déi privat Museksschoul a Coursen. An der Lescht zitt et awer och nees Lëtzebuurger Stéit an de Quartier. D'Wunnengspräisser hu gemaach, datt d'Leit nees de Virdeel vun den ale Binnerten-Haiser erkennen, déi sou no um Stater Liewe sinn an awer gemittlech kleng Gäert opzeweisen hunn. Lues a lues gëtt een Haus nom anere retapéiert.

Eng méi lass ass am portugisesche Bistro um Eck. Hei kréien d'Beamten aus den neie Bürosgebaier Zopp an z'iessen, mee och déi portugisesch Aarbechter vun de Chantieren lénks a riets. Owes sëtzen hei déi, déi hire Misär iwvert d'Migranteneinsamkeet erofspulle kommen, iwverdeems am Hannergronn Fussball op der Këscht leeft. Do geet alt mol e Sträit lass wéinst enger Dommheet. Nationalfeiertag, wéi d'Leit nom Freedefier zréck vum Boulevard d'Avranches koumen, hat ee virum Bistro den Accordéon ausgepaakt, an e jonke Spunt, dee schonn eng liicht am Kanelli hat, huet e Fado dohinnergeluecht, dee sech gewäsch hat. D'Leit si stoe bliwwen an hu geklappt. ►



Cuy Hoffmann



Luucht an Däitschert

De Flair vun der Metropol, dee fënnt een awer réischt, wann een déi aner Säit vun der Rodeade passéiert, deem sougenannte „Boulevard urbain“, deen eise Quartier wéi e schaarft grot Messer vun der Gare trennt. Well zu Bouneweg-Nord zitt et een ëmmer fir d'éischt op d'Wallis-Plaz. U Bistrotë feelt et hei net. Wann ee wëll, kritt een eng russesch Zopp oder e kreolesche Plat, Hausmaacher- Dim Sum oder nepalesesch Paneeer- Kniddelen. E puer Meter weider fënnt een ee vun deene leschte Lëtzebuurger Bistrotë mat enger Keelebunn. Hei gëtt et awer och di zwee eenzeg Bio-Restauranten an der Stad. Et kann een am *Coimbra City* e Kaffi drénken, dee säin Numm verdéngt, mat enger *Macieira* niewelaanscht. Oder awer am *Que Pasa*, ënnert dem Régime vun zwou strengen Dammen, zu all Stonn en excellenten Hamburger iessen, awer nëmme mat Cola, *on ne sert pas d'alcool*. Oder, vis-à-vis vum eenzege Garer Vëlosbuttek, an enger kapverdianescher Pizzeria eng extra säfteg vegetaresch Pizza mat Ruccola a Sesam verdrécken.

Et gëtt eng portugisesch Epicerie mat enger léiwer klenger Madame, déi sech gedëlleg de Leit hir Geschichten unhéiert, während se d'Ham opschneit. Hei kritt ee Pataten, portugisesche Kabes, heiansdo frësch Oliven a Koriander. Uebst- a Geméis-Zorten, vun deenen ech mol den Numm net kennen, stinn a bloe Këschten um Trottoir a lackelen d'Leit un.

Et gëtt en afrikaneschen Trëtzebuttek, mee och e franséische Fromagier, bei deem di schick Leit aus der Stad sech andecke kommen. Et gëtt e klenge Gäertchen, deen een tëscht enger Parkplaz an engem Schapp erausgeschloen huet an net opgëtt ze ënnerhalen. Et gëtt Cabaretën mat onduerchsichtege Fassaden, hannert deenen d'Büroshengschten no Feierowend verschwannen. Et gëtt Terrassen, wou sech d'Houeren treffen, wa se Ausgang hunn.

Wann ee moies um fënnef duerch d'Neipperg-Strooss geet fir op den éischten Zuch, mierkt een, datt hei nach eng aner leeft. Taxien huelen déi lescht Nuetseilen aus der Disco of, wäiss Stretch-Limousinen





Guy Hoffmann

parke falsch, Garçonnen an Disk-Jokeyë ginn endlech heem. Iergendee katzt con brio an de Kullang. Moies um fënnef iwverkënt een dann d'Tristesse vun der Grousstad. Déi schloflos Gestalten, déi schonn an aller Herrgottsfréier hir Puddelen ausféieren. Déi zoubetonniéiert Hannerhäff, wou sech d'Garagen unenaner reien wéi Haifëschzänn. Déi Schwäerm vun Dauwen, déi iergend eng geckeg Persoun fiddert. Déi abgefuckte Caféen a louche Buden, iwwer deene mega-trostlos Zëmmeren ëmmer nach en Abnehmer fannen. Dee schappegen Hotel, deen lo eidel steet, wou fréier d'Junkien hiert lescht Ënnerdaach fonnt hunn.

Et gëtt Zäit, datt et Dag gëtt. Eng Stonn mi spët fänken am Haff vum Fonds de Logements-Gebai d'Spatze schonn nees un, Kaméidi ze schloen. Deen ale Mann an där leschter klenger Brak mécht d'Fënster op a grinst d'Leit frëndlech un. D'Aarbechter stinn op den Ecker ze waarden, fir vun de Camionnetten ofgeholl ze ginn. Leit a Kostüm-Krawatt komme vun den Zich déi

kleng Trap erop a steiere presséiert op déi gliese Kasären zou. D'Aarbechtslos sti gedëlleg virun der ADEM a waarden drop, endlech eragelooss ze ginn.

An op där anerer Säit vun der Rocade geet och den Alldag nees un. Gestresste Pappen a Mammen zéien hir verschlofe Kanner no: Et ass Zäit fir an d'Schoul oder an d'Crèche. Anda, Jessica, anda!

Renée Wagener